Engagéiert Bierger Helperknapp

Lëscht 6



GEMENGEWALEN | 11. JUNI 2023

# Walprogramm
# *Programme électoral*

# Walprogramm 2023
# *Programme électoral 2023*



**Jugend: Zukunft vu Muer**

Fir eis jonk Leit vun 12 - 18 Joer feelt eng Infrastruktur déi dëser Alterskategorie ugepasst ass. Nodeems mir eis e Bild vum Jugendhaus am Nopeschduerf vu Biissen gemaach hunn, ware mir eis eens: esou eng Struktur gehéiert och an eis Gemeng Helperknapp a wäert och hei sécherlech vollen Erfolleg hunn. D'Hausaufgabenhëllef, de sozialen Encadrement esou wéi och déi verschidden ugebueden Aktivitéiten hunn eis gutt gefall.
Een anere Punkt, deen eis um Häerz läit ass, eise Jugendclibb déi néideg a gëeegent Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen. Ausserdeem wëlle mir de Jonke geziilt Méiglechkeeten ubidden, fir sech e klengt Täschegeld ze verdéngen.

***Les adolescents: Notre futur***

*Notre commune manque d'infrastructures pour les jeunes de 12 et 18 ans. Une visite collective du "Biisser Jugendhaus" nous a convaincus qu'une structure à jour rencontrerait les besoins de nos jeunes.*
*De plus, une mise à disposition de locaux conformes et aménagés pour les "Clubs de jeunes" est incontournable. De plus, il faudra mettre des locaux conformes aux règles de sécurité et aux exigences de confort à la disposition des clubs de jeunes.*



Jugendhaus, Biissen

**Bëschkierfecht**

De Bësch-Kierfecht ass een anere scho laang diskutéierten a ganz wichtege Punkt , dee schonn a villen Nopeschgemenge realiséiert gouf. Och dofir wëlle mir eis staark maachen an de Leit erlaben hier lescht Rou bei eis an der Natur ze fannen.

***Le cimetière forestier***

*Nous souhaitons ardemment la mise en place d'un «cimetière forestier» dans notre commune. Ce projet est d'une grande importance pour nous, car il offre aux citoyens la possibilité de trouver leur dernière demeure dans un environnement naturel. Nous nous engageons à travailler ensemble pour concrétiser cette initiative et ainsi permettre aux habitants de notre commune de se reposer en paix en harmonie avec la nature.*



Bëschkierfecht, Sëll

**Verkéiersberouegung**

D'Stroossenzirkulatioun (Trafik) hëlt an eiser Gemeng méi a méi zou. Eng raisonnabel Verkéiersberouegung ass an eisen Aen ee wichtege Punkt.
Fir de Kanner ee séchere Schoulwee ze garantéieren, huet fir eis eng eenheetlech an adequat Belichtung op de Foussgängerweeër an Zebrasträifen absolut Prioritéit.

***Modération de la circulation***

*Le trafic traversant notre commune est de plus en plus dense et nous pensons qu'un apaisement de la circulation est nécessaire.*
*L'une de nos priorités est d'améliorer l'éclairage des voies piétonnes et des passages pour piétons, afin de permettre à nos plus jeunes concitoyens de se rendre à l'école en toute sécurité.*



Schoulcampus Helperknapp


## Campus Helperknapp

Um Campus Helperknapp mussen nach verschidde Saachen ëmgesat ginn. Zum Beispill wier d'Verschaffe vu lokale Produiten an der Kantin vun der Schoul eng wonnerbar Saach. Mir hunn d'Chance an der Gemeng vill a gutt Produzenten ze hunn, op deenen hir Produiten een zeréckgräife kéint.
Och ass et am Moment fir d'Elteren net méiglech, hir Kanner mam Auto an d' Schoul ze bréngen. Duerfir géife mir gären am Ëmkrees vun der Schoul am Intressi vun der Sécherheet vun de Kanner en "*Kiss & Go*" ariichten, esou wéi dat schonn op munch Plazen am Land de Fall ass.

## *Campus scolaire "Helperknapp"*

*Au "Campus scolaire Helperknapp", certaines choses peuvent encore être développées.*
*Étant donné que de nombreux producteurs alimentaires vivent dans notre commune, nous proposons de favoriser l'utilisation de leurs produits dans les repas préparés par la cuisine de l'école. Actuellement, les parents ne sont pas autorisés à conduire leurs enfants à l'école en voiture. Nous souhaitons aménager une zone «Kiss and Go» pour permettre une dépose rapide des enfants à l'école.*





## Den drëtten Alter


Mir wëllen deenen eelere Matbierger aus der Gemeng méi entgéintkommen andeems mir hinnen d'Méiglechkeet bidden, sech gesellschaftlech ze engagéieren an hiert Wëssen, hir Erfarung un déi jonk Generatioune weiderzeginn.
Eng encadréiert Noperschaftshëllef sou wéi och aner kleng Servicer wieren ee flotten Atout fir eis Gemeng.
Eis léif Matbierger hunn am Alter jidderee seng spezifesch an differenzéiert Besoinen. Fir hirer Hëllef méi gerecht ze ginn, mussen déi néideg Mëttel an Infrastrukture geschafe ginn, déi hinnen et erlaben an erméiglechen an hirem gewinnten Ëmfeld duerfen ze bleiwen an do d'Liewen no hirem Goût ze genéissen.

## *Le troisième âge*

*Nous souhaitons offrir aux citoyens âgés la possibilité de s'engager au quotidien et de transmettre leur savoir-faire aux jeunes générations.*
*Par ailleurs, nous préconisons la mise en place d'une entraide encadrée entre voisins ainsi que de petits services pour répondre aux besoins de tous.*
*Nous nous engageons également à installer des infrastructures adaptées au sein de notre commune pour répondre aux besoins spécifiques des personnes nécessitant des soins particuliers et leur permettre de vieillir dans un environnement familial et bienveillant.*



© Päiperléck, Biissen



## D'Gemeng verbannen


Sécher Vëlos- an Trëppelweeër laanscht d' Stroossen a gutt Feldweeër sinn en éischte Schrëtt fir déi eenzel Dierfer an domat och d'Bierger besser matenee verbannen ze kënnen. Mir wëllen, dass d'Bierger méi liicht an awer sécher tëschent eisen Dierfer zirkuléiere kënnen.

## *Connecter la commune*

*En aménageant et sécurisant les chemins piétonniers, les pistes cyclables et les chemins ruraux existants, nous faisons un premier pas pour une meilleure connexion entre les différents villages, ainsi que pour relier les citoyens qui en sont la base. Il est essentiel de pouvoir se déplacer en toute sécurité entre les villages.*



Spillplaz zu Brouch



**Spillplazen**

D'Spillplazen an eisen eenzelen Dierfer musse reegelméisseg ënnerhalen, zum Deel iwwerschafft, ausgebaut a konstant de legalen Exigenzen ugepasst ginn!

***Aires de jeux***

*Une modernisation et remise en état des aires de jeux dans les différents villages s'impose.*



**No Erhuelungsgebieter**

Déi gréng Long an eisen Dierfer revaloriséieren an dëst fir all Altersgrupp!
Eis nei Gemeng kann houfreg sinn op hir immens grouss Bëscher an Natur-Gebidder. Déi scho bestoend Promenaden-Infrastruktur (circuits auto-pédestres, Fitnessparcoursen, Léierpied, asw.) muss weider ausgebaut an awer och ënnerhale ginn, fir dem Bierger vun hei an och vu baussen eng weider Méiglechkeet z'offréieren, sech kënnen an eiser stresseger Zäit e bëssen ze erblosen!

***Zones de loisirs vertes***

*Nous projetons de faire revivre "le poumon vert" au sein des zones bâties des villages, et ce pour toute catégorie d'âge.*
*Notre commune possède de beaux espaces naturels, qui devraient être davantage développés et permettre aux citoyens de se détendre du stress de la vie quotidienne.*



**Kultur**

D'Kultur bréngt eis Bierger zesummen. Duerfir musse mir méi staark op eng villfälteg Kultur an der Gemeng halen a stinn duerfir an. Dat heescht awer net, datt déi sougenannt "Duerfkultur", déi all Duerf eegen ass, ignoréiert soll ginn. Si muss erëm nei opliewen a gestäerkt ginn fir datt doduerch lues a lues eng sougenannt "Globaliséierung" vun der Kultur an der Gemeng entstoe kann!

***Culture***

*La diversité culturelle rassemble les citoyens et renforce la cohésion. C'est pourquoi nous considérons comme essentiel de promouvoir et de soutenir les initiatives et les activités dans les domaines des arts et de la culture.*



**Erweidere vun nohaltegen Energien**

Den Naturschutz sou wéi och de Klimawandel betreffen eis alleguer; déi erneierbar Energië spillen do eng fundamental Roll. Eis ass et wichteg, dass d'Gemeng sech an Zukunft fir d'Färderung vu méi nohaltegen Energien asetzt.
Eis Gemeng muss mam gudde Beispill virgoen an hir Infrastrukturen op eng resolut Manéier energeetesch verbesseren, fir datt et och erëm nuets liichten kann.

***Développement des énergies renouvelables***

*La protection de la nature ainsi que le changement climatique concernent tout le monde sans exception. C'est pourquoi les énergies durables jouent un rôle très important. À l'avenir, nous allons promouvoir ces sources au sein de notre commune.*
*Nous voulons montrer l'exemple en utilisant et en améliorant nos infrastructures de manière judicieuse sur le plan énergétique, afin que nos villages puissent à nouveau se montrer éclairés la nuit sans avoir mauvaise conscience.*



**Logement**

Mir wëllen no den néidege Moossname kucken, fir datt de Präis fir Wunnraum an eisen Dierfer fir jiddereen abordabel gëtt. Doduerch kéint dem Bierger ee gemittlecht Heem erméiglecht ginn.
Awer och genuch Wunnengen, déi ee fir een akzeptabele Präis loune kéint, wier eng vu villen Optiounen.

***Logement***

*Nous nous engageons à promouvoir la création de nouveaux logements à prix abordables au sein de notre commune, car c'est la seule façon de permettre aux jeunes citoyens de s'établir dans leur village d'origine.*

## Neie Stadion fir een neie Fussballclub

Mir sinn der Meenung dass déi aktuell Konditioune vun eisen zwee Fussballveräiner net méi ze justifiéiere sinn. Eng nei Infrastruktur fir zwéi Fussballsterrainen, kamoud Vestiairen an eng Buvette, géifen eisen zwee Clibb déi allerbescht Méiglechkeet bidden, fir sech op eng gemeinsam Zukunft virzebereeden. Den Terrain zu Bruch ass wichteg fir de Schoulcampus Helperknapp. Zu Béiwen kéint ee klenge Park mat enger flotter Spillplaz entstoen. De klenge syntheeteschen Terrain misst och fir de Publik accessibel sinn. Déi aktuell Buvette kéint am Sënn vun engem Park benotzt ginn.

## *Nouveau complexe / stade pour un club de football "fusionné"*


*Nous sommes d'avis que les installations de nos deux clubs de football ne sont plus adaptées aux normes actuelles. La construction d'un nouveau stade, comprenant deux terrains, des vestiaires adéquats et une buvette, permettrait à nos deux clubs de se préparer pour l'avenir et d'envisager une fusion tant attendue par de nombreux jeunes footballeurs.*
*Le terrain sera également crucial en vue d'un futur agrandissement du centre scolaire de Brouch. Nous suggérons que le terrain de Boevange soit transformé en une zone verte, avec un parc et des aires de jeux intégrées.*
*Le petit terrain synthétique devrait être ouvert au public, afin que tout le monde puisse jouer au football. La buvette récemment rénovée pourrait être intégrée à cette zone, pour servir de lieu de rencontre ou de salle de fête pour les familles.*



© IBB, Sportinfrastruktur zu Housen




© geoportail.lu, Tënten




### Nei Infrastrukturen

An eisen Ae feelt et u wichtegen Infrastrukture wéi zum Beispill eng maison médicale, eng Apdikt, eng Crèche. Och ee Kulturzenter fir gréisser Manifestatiounen an eiser scho grousser Gemeng ass duerchaus ze vertrieden.

### *Nouvelles infrastructures*

*Nous pensons que notre commune manque d'infrastructures telles qu'une pharmacie, une maison médicale ou une crèche. De plus, nous avons besoin d'un centre culturel adéquat pour les grands événements.*



### Waasserpräis

Et wier elo un der Zäit, fir no 5 Joer Fusioun endlech een Eenheetswaasserpräis an eiser neier Gemeng Helperknapp anzeféieren!

### *Coût de l'eau*

*Même après 5 ans de politique, on n'a toujours pas un goût universel concernant l'eau dans notre commune.*



### Ennerstëtzung vun de Betriber

Och kleng Betriber bréngen Aarbechtsplatzen a sollen dem entspriechend vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn.

### *Soutien aux commerces*

*Les petits commerces créent également des emplois et méritent donc un soutien accru.*




## Schoultransport

De Schülertransport muss méi rationell organiséiert ginn. De Wee vun eise Kanner vun doheem an d'Schoul an erëm zeréck muss an engem verstännegen Zäitplang geschéien! Beispill Huelmes.

## *Transport scolaire*

*Dans l'intérêt des plus jeunes entre nous, le transport scolaire doit être organisé différemment afin que chaque enfant puisse se rendre à l'école et rentrer chez lui dans un délai prédéfini, n'est-ce pas le cas ?*

**Den éiwege Réibau „A Brissen“ (Café, Epicerie zu Tënten)**

“A Brissen” ass zënter 4 Joer nach weider näischt geschitt. Dee Projet muss an eisen Aen onbedéngt finaliséiert gi fir d’Duerfliewe rëm opbléien ze loossen!

***L’éternel chantier „A Brissen“ (Café, Épicerie à Tuntange)***

*Au fil des 4 dernières années, le projet „A Brissen“ a stagné et même été laissé à l‘abandon. Nous sommes tous conscients que cette situation doit être rapidement corrigée afin de permettre au village de retrouver son dynamisme et sa vitalité.*
*Le chantier doit être achevé sans tarder pour garantir aux citoyens un point de rencontre et de convivialité.*







# Mir stellen eis vir
# *Nous nous présentons*





- Joffer
- 24 Joer
- vun Bëschdref

## Lara Georges

Hallo, mäin Numm ass Lara Georges. Ech si 24 Joer jonk a wunnen zu Bëschdref. Vun Beruff hier sinn ech Joffer am Fondamentale. Zudeem sinn ech Member an der Amicale CIS BOAT a sinn aktiv Badmintonspillerin. An menger Fräizäit sinn ech sportlech aktiv a liewe mech gäre kreativ aus. An eiser Gemeng léie mir besonnesch d'Schoulkanner, wéi och déi Jugendlech um Häerzen.
Meng Themen: Schoul, Sport a Fräizäit

*Bonjour, je m'appelle Lara Georges. J'ai 24 ans et j'habite à Buschdorf. Je suis enseignante dans l'école fondamentale. En outre, je suis membre de l'amicale CIS BOAT et je suis une joueuse active de Badminton. Pendant mon temps libre, je fais du sport et j'aime vivre ma créativité.*
*Dans notre commune, ce sont surtout les enfants scolarisés ainsi que les jeunes qui me tiennent à cœur.*
*Mes thèmes : école, sports et loisirs*

An eiser Gemeng léie mir besonnesch d'Schoulkanner, wéi och déi Jugendlech um Häerzen.



- Indépendant
- 46 Joer
- vun Béiwen-Atert

## Thierry Everad

Ech sinn den Thierry Everad an hunn 46 Joer. Ech wunnen zanter 2012 zu Béiwen. Ech hunn zwee Bouwen, ee vun 11 an ee vu 15 Joer. Ech si Patron vum Electro-Center vu Lorentzweiler, Miersch a Biissen. Doniewent hunn ech nach eng kleng Firma (LED-Center) déi hire Setz zu Béiwen huet. An menger Fräizäit sinn ech am Comité vum US Béiwen aktiv a këmmere mech vill em Leit deenen et net esou gutt geet. Ech maachen do och keen Ënnerscheed ob si Flüchtlingen oder manner bemëttelt sinn.

*Je m'appelle Thierry Everad et j'ai 46 ans. J'habite à Boevange-sur-Attert depuis 2012. Je suis père de deux fils, l'un âgé de 11 ans et l'autre de 15 ans. Je suis propriétaire de l'entreprise « Electro-Center » de Lorentzweiler, Mersch et Bissen.*
*J'ai également une petite entreprise (LED-Center) sise à Boevange-sur-Attert. Pendant mon temps libre, je suis actif au sein du comité de l'US Beiwen et je m'occupe beaucoup des personnes en difficulté, sans faire de distinction entre les réfugiés et les personnes défavorisées.*

> Ech setze mech gäre fir nohalteg Energien an der Gemeng an.

## Lynn Mangen

Mäin Numm ass Lynn Mangen. Ech hunn 25 Joer a wunne séit menger Gebuert ze Bëschdref. Ech hunn meng Première ze Diekrich am Kolléisch gemaach a sinn aktuell am Master Biologie (Verdéiwung Biomedezin) zu Oochen. Nieft mengem Studium sinn ech an der Jugendkommissioun vun eiser Gemeng täteg. Geleeëntlech fueren ech och nach Ambulanz ze Réiden a si Member am CIS Béiwen-Attert. An menger Fräizäit ginn ech gäre mat mengem Mupp spadséieren a verbréngen Zäit mat menger Famill/ Kolleegen. Ech hunn mech dozou entscheet mat an d'Walen ze goe well ech mech gären engagéiere fir d'Zukunft vun eiser Gemeng. Besonnesch d'Jugend sou wéi och d'Natur an eiser Gemeng leie mir um Häerz.

*Je m'appelle Lynn Mangen. J'ai 25 ans et j'habite depuis ma naissance à Buschdorf. J'ai fait mon bac à Diekirch et actuellement je fais mon master en biologie (approfondie en biomédecine) à Aix-la-Chapelle. À côté de mes études, je suis membre actif de la commission de la jeunesse de notre commune. Occasionnellement, je m'engage dans le centre d'incendie de secours à Redange-Attert ainsi qu'à Boevange-Attert. Pendant mon temps libre, j'aime bien me promener avec mon chien et passer du temps avec ma famille/mes amis.*
*Je participe aux élections communales pour m'engager pour le futur de notre commune. La nature ainsi que la jeunesse de notre commune me tiennent énormément à cœur.*



- Studentin
- 25 Joer
- vun Bëschdref

Besonnesch d'Jugend sou wéi och d'Natur an eiser Gemeng leie mir um Häerz.



- Pensionär
- 66 Joer
- vun Bëschdref

## Tun Pinto

Moien, ech sinn den Tun vu Bëschdref. Ech si mat 11 Joer op Lëtzebuerg komm an hunn mäin Beruffsliewen hei zu Lëtzebuerg gemaach. Ech war ëmmer an enger Firma am Qualitéit Management aktiv. An menger Fräizäit war ech 33 Joer laang Trainer vun der Jugend am Fussball zu Steesel. Mëttlerweil si meng Haaptbeschäftegungen eisen Gemeinschaftsgaart ze Bëschdref sou wei och trëppelen an eiser schéiner Gemeng. Wat mir um Häerz léit ass d'Sécherheet an den Dierfer, sou wei och den Zesummenhalt tëschent de Bierger. Ausserdeem ass et ma wichteg dass den 3ten Alter besser encadréiert gëtt.

*Bom dia, eu sou o Tun Pinto de Buschdorf. Vim para o Luxemburgo quando tinha 11 anos de idade e passei a minha carreira profissional inteira aqui. Fui activo toda a minha carreira na gestão de qualidade.*
*No meu tempo livre treinei as equipas de futebol juvenil de Steinsel durante 33 anos.*
*As minhas principais actividades actuais sao as hortas communitárias de Buschdorf e o passeio pela nossa bela região.*
*O que é importante par mim é a seguranca na nossa região e que a comunidade estaja unida. Alem disso o importante par mim é que os idosos sejam mais bem apoiados.*

*Bonjour, je suis Tun Pinto de Buschdorf. Je suis arrivé au Luxembourg à l'âge de 11 ans et y ai passé toute ma carrière professionnelle dans le domaine de la gestion de la qualité. Durant mes temps libres, j'ai entraîné les équipes de football jeunes de Steinsel pendant plus de trois décennies. Aujourd'hui, je consacre mon temps aux jardins communautaires de Buschdorf et aux balades dans notre splendide région.*
*Ce qui me tient particulièrement à cœur, c'est la sécurité dans notre région ainsi que l'unité et la cohésion de notre communauté. Par ailleurs, je suis fermement convaincu qu'il est primordial de mieux soutenir nos personnes âgées.*

O que é importante par mim é a seguranca na nossa região e que a comunidade estaja unida



- Bautechniker
- 41 Joer
- vun Bruch

## Luc Scholtes

Ech hunn 41 Joer, wunnen zanter menger Kandheet zu Bruch, si gepacst a Papp vun engem Meedche vun 9 Joer.
Meng Fräizäit gestalten ech gäre mat menger Famill a sinn och sportlech aktiv.
Vu Beruff sinn ech Bautechniker a schaffen op enger Gemeng am techneschen Déngscht. Mat enger Berufserfarung vu bal 20 Joer weess ech wou de Schong dréckt a kann mat konstruktiven Iddien zu Verbesserungen och an eiser schéiner Gemeng bäidroen. Als aktive Comitémêmber a fréiere Präsident vun der Elterevereenegung Helperknapp léit mir d'Wuel vun eise Kanner um Häerz. Donieft gesinn ech och ee Besoin eis Spillplazen an deenen eenzelen Dierfer op de Leescht ze huelen an do Verbesserungen ze maachen.
Déi douce Mobilitéit ass an aller Mond an och hei kann ee Verbesserungen ustriewe fir sou eis eenzel Dierfer besser mateneen ze verbannen an nitt ëmmer mussen op den Auto zréckzegräife fir vun A op B ze kommen.

*J'ai 41 ans, j'habite depuis mon enfance à Brouch, je suis en partenariat et père d'une fille de 9 ans. Je préfère passer mon temps libre avec ma famille et j'aime pratiquer du sport.*
*Diplômé en tant que technicien en génie civil, je travaille dans le secteur public auprès d'une administration communale au sein du service technique. Avec une expérience professionnelle de presque 20 ans, je sais améliorer les choses avec des idées constructives également dans notre belle commune.*
*En tant que membre actif et ancien président de l'association des parents d'élèves de la commune de Helperknapp, le bien-être des enfants est primordial pour moi. D'un autre point de vue, des améliorations importantes seraient à prévoir sur nos différentes aires de jeux dans nos localités. Des améliorations seraient également à prévoir au sujet de la mobilité douce afin de mieux relier les différentes localités entre elles sans devoir recourir à une voiture pour faire ses déplacements.*

Mir léit d'Wuel vun eisen Kanner um Häerz.

## Eich Nico

Mäin Numm ass Nico Eich an ech liewe scho séit 64 Joer zu Tënten. Ech hunn meng Berufflech Ausbildung um Lampertsbierg an der Beruffsschoul ofgeschloss an hunn duerno an engem Dach a Kamäin Betrib geschafft.
Am Joer 1982 hunn ech mech selbststänneg gemaach an hunn een eegene Kamäinbotzer Betrib sou wéi och den Dach Betrib „Toitures Eich“ gegrënnt.
Ech hunn 1982 zu Tënten Pompjeeë gegrënnt.
Mëttlerweil hunn ech meng Pensioun, mee sinn nach all Dag beschäftegt. Ech hunn eng Imkerei wou ech iwwer 100 Beievëlker hunn, an hunn derbäi ee klénge Bauerebetrib wou ech “Galloway” hunn déi ech selwer ziichten.
Ech engagéiere mech och séit 5 Joer an der Wunneng Kommissioun wou ech matkréie wéi eng Problemer sech an deem Beräich stellen.
Ech hunn mech 2023 an d’Gemenge Politik gemellt fir eppes an onser Gemeng ze änneren.
Mir brauchen zum Beispill méi Platzen déi eis Bierger zesumme bréngen, an eis eenzel Dierfer musse besser matenee verbonne ginn, fir dass ons Bierger méi sécher op de Spadséierweeër ënnerwee sinn an deem geféierleche Verkéier entgoe kennen.



- Imker
- 64 Joer
- vun Tënten

*Je m’appelle Nico Eich et j’habite à Tuntange depuis 64 ans.*
*J’ai réussi mon brevet d’apprentissage à l’école professionnelle à Limpertsberg, et ensuite j’ai été engagé dans une entreprise de couverture et de ramonage de cheminées.*
*En 1982, j’ai décidé de travailler comme indépendant et j’ai fondé ma propre entreprise de ramonage de cheminées ainsi que l’entreprise de couverture “Toitures Eich”.*
*En outre, j’ai fondé le corps des pompiers volontaires de Tuntange en 1982.*
*Entretemps, je suis retraité et je m’occupe tous les jours de mon apiculture qui héberge plus de 100 colonies d’abeilles. De plus, comme petit agriculteur local je suis détenteur de 17 “Galloway” que j’élève moi-même. Il y a 5 ans, je me suis engagé dans la commission de logement, où je reçois un excellent aperçu des problèmes connus dans ce domaine.*
*Ayant le souci d’améliorer quelque chose dans notre commune, j’ai posé ma candidature aux élections communales 2023.*
*À mon avis nous avons besoin d’infrastructures adaptées ainsi que des zones vertes aménagées pour réunir nos citoyens. Une meilleure connexion entre les différents villages et un aménagement des chemins ruraux existants serait de rigueur afin d’éviter le trafic devenu de plus en plus dense les dernières années.*

> Mir brauchen zum Beispill méi Platzen déi eis Bierger zesumme bréngen, an eis eenzel Dierfer musse besser matenee verbonne ginn.

## Paul Mangen

Mäin Numm ass Paul Mangen. Ech hunn 63 Joer a si Papp vun zwee Jongen. No menger Ausbildung am Lycée technique Agricole zu Ettelbréck an am Lycée Agricole Courcelles Chaussy (Frankräich), sou wei enger Weiderbildung un der Andreas Hermes Akademie Bonn, feieren ech mäi landwirtschaftleche Betrib zu Bëschdref. Ech hunn 24 Joer Gemengerotserfarung, dovunner iwwer 7 Joer als Buergermeeschter. Donieft sinn ech Vice President vum Verwaltungsrot vum Sidero, President vun der Commission relations public an eiser Gemeng, President vum Opsiichtsrot vun der Luxlait, Member vum Comité vu Multiple Sclérose Lëtzebuerg MSL ( Bill) a Comitésmember vum U.S. Béiwen. Mir ass besonnesch en gemeinsaamt Zesummeliewen an eiser jonker Gemeng Helperknapp wichteg.

*Je suis Paul Mangen, un homme de 63 ans et fier père Je suis Paul Mangen, un homme de 63 ans et fier père de deux fils. Après avoir obtenu mon diplôme au lycée technique agricole d'Ettelbruck, ainsi qu'au lycée agricole Courcelles Chaussy en France, j'ai suivi une formation continue à l'Académie Andreas Germes à Bonn. Par la suite, j'ai repris la ferme de mon père à Buschdorf, où je me consacre depuis lors à l'agriculture.*
*Je suis également impliqué dans de nombreuses activités communales et associatives. En effet, cela fait maintenant 24 ans que je suis membre du conseil municipal, dont plus de 7 ans en tant que bourgmestre. Je suis également vice-président du conseil d'administration de la Sidero, président de la commission des relations publiques de notre commune, président du conseil de surveillance de Luxlait, membre du comité de la sclérose en plaques Luxembourg (BILL) et membre du comité de l'U.S. Boevange-Attert.*
*Enfin, la vie communautaire dans notre jeune commune est une cause qui me tient particulièrement à cœur.*



- Bauer
- 63 Joer
- vun Bëschdref

Mir ass besonnesch en gemeinsamt Zesummenliewen an eiser jonker Gemeng Helperknapp wichteg.



- Bauer
- 51 Joer
- vun Téinten

## Emile Splicks

Ech sinn den Emile Splicks an hunn 51 Joer. Ech wunne vu Gebuert un zu Téinten, si bestuet mam Mireille Rabiot a Papp vu 3 Kanner.
No mengem Ofschloss am Lycée technique agricole zu Ettelbréck hunn ech de Betrib vu mengen Elteren iwwerholl a si séit 31 Joer Landwirt ze Téinten. Niewt menger Aarbecht, sinn ech am Comité vun Natur an Ëmwelt Téinten sou wéi och Member vun der Feldwee Kommissioun an eiser Gemeng. An menger Fräizäit fueren ech gäre Ski. Mir ass et wichteg dass méi op d'Produzenten aus eiser Gemeng zréck gegraff gëtt.

*Je m'appelle Emile Splicks et je suis âgé de 51 ans. J'habite depuis ma naissance à Tuntange, je suis marié avec Mireille Rabiot et père de 3 enfants. Après mon diplôme du lycée technique agricole à Ettelbruck, j'ai repris la ferme de mes parents et je travaille en tant qu'agriculteur depuis 31 ans.*
*De plus, je me suis engagé comme membre du comité « Natur an Emwelt Téinten » et je fais partie de la commission des chemins ruraux et forestiers. Pendant mon temps libre, j'aime bien pratiquer le ski. Je suis d'avis qu'il faut supporter d'avantage les producteurs locaux.*

Mir ass et wichteg dass méi op d'Produzenten aus eiser Gemeng zeréck gegraff gëtt.

## Stefanie Edert-Block



- Infirmière Responsabel
- 45 Joer
- vum Gréiweknapp

Mäin Numm ass Stefanie Edert-Block. Ech wunnen um Gréiweknapp, si 45 Joer al, bestuet an hunn 3 Kanner. Ech sinn Infirmière a schaffen als Responsabel-Coordinatrice am Soins à Domicile.
Kuerz nodeems ech am Dezember 2010 an des Gemeng geplënnert sinn, sinn ech der Elterevereenegung Béiwen/Atert bäigetrueden, wou ech jorelaang engagéierte Member an och Präsidentin war.
Mam zousätzlechen Engagement als Elterevertrieder hunn ech den Interesse vun Elteren an hire Kanner vertrueden.
Meng Decisioun mat an d'Walen ze goen, ass duerch mäin Wonsch komm, mech weiderhi sozial ze engagéieren a mech virun allem fir eis eeler Generatioun anzesetzen a staark ze maachen.
Färderung vun eise Kanner a Jugendlechen ass e weidere Volet fir den ech mech wëll asetzen.
Meng Famill gëtt mir dee néidegen Appui an ënnerstëtzt mech a mengem Engagement. Energie an Ausgläich fannen ech duerch meng Hobby'en wéi Yoga, Spadséiere goen an d'Natur genéissen.

*Je m'appelle Stefanie Edert-Block et j'habite à Grevenknapp. Âgée de 45 ans, je suis mariée et mère de trois enfants. En tant que diplômée en soins infirmiers, je travaille en qualité de coordinatrice-responsable dans le domaine des soins de santé à domicile.*
*Peu de temps après mon déménagement dans notre commune en décembre 2010, j'ai rejoint l'association de parents de Boevange-sur-Attert. J'y suis restée membre pendant plusieurs années, pour ensuite reprendre le poste de présidente.*
*En tant que représentante des parents, les intérêts des enfants et de leurs familles me tenaient toujours à coeur.*
*Ma décision de me porter candidate pour les élections communales est motivée par mon désir de continuer à m'engager socialement, ainsi que de m'investir particulièrement pour les générations plus âgées.*
*La promotion de nos enfants et de nos jeunes est également une priorité pour moi. Je suis entourée d'une famille aimante et attentive, qui me soutient pleinement dans mes projets. Pour me ressourcer, j'aime pratiquer des activités relaxantes telles que le yoga, les promenades ou encore admirer les beautés de la nature.*

> Mir ass et wichteg mech virun allem fir eis eeler Generatioun anzesetzen a staark ze maachen.

## Josy HUBERTY dit Beiejosy



- Pensionär
- 69 Joer
- vun Huelmes

Ech sinn den Huberty Josy, genannt Beiejosy, an hunn 69 Joer. Ech wunnen zanter 10 Joer ze Huelmes. Ech sinn e Briddeler Jong a war och 10 Joer am Gemengerot zu Koplescht. Mäi Beruffsliewen hunn ech awer bal ganz zu Huelmes verbruecht, am Centre d'Écologie et de la Jeunesse. Ech hunn de Kanner a Jugendleche probéiert d'Natur méi no ze bréngen duerch vill Excursiounen an de Bëscher, iwwer Wisen,laanscht Baachen a Weieren a bei de Beiestand (dofir och mäi Spëtznumm).
An der Gemeng Helperknapp wëll ech mech asetze fir eng gesond Ëmwelt an den Erhalt vun den Aarten. Och d'Jugend bleift bei mir ganz uewen um Ziedel, a wéi soll a mengem Alter anescht sinn, natierlech d'50+ Matbierger.

*Je suis Huberty Josy, appelé „Beiejosy", et j'ai 69 ans. J'habite à Hollenfels depuis 10 ans. Je suis un natif de Bridel et j'ai également siégé au conseil communal de Kopstal pendant 10 ans. J'ai consacré la majeure partie de ma carrière professionnelle à Hollenfels, au Centre d'Écologie et de la Jeunesse. J'ai cherché à rapprocher les enfants et les jeunes de la nature à travers de nombreuses excursions dans les forêts, les prés, le long des rivières et des étangs, ainsi qu'auprès des apicultures (d'où mon surnom).*
*Dans la commune de Helperknapp, je souhaite m'engager pour un environnement sain et pour la préservation des espèces. La jeunesse reste une priorité pour moi, ainsi que les citoyens de plus de 50 ans, qui constituent une partie importante de notre communauté.*

> Ech wëll mech asetze fir eng gesond Ëmwelt an den Erhalt vun den Aarten.



- Beruffspompjeeë
- 26 Joer
- vun Béiwen-Attert

## Sam Reding

Moien, mäin Numm ass Sam Reding, si 26 Joer al, a Wunne séit dem Joer 2009 zu Béiwen-Attert. Ech schaffe séit 2022 als Beruffspompjeeë an der Stad Lëtzebuerg an do virdru war ech 4 Joer an der Infirmerie vun der Arméi.
An menger Fräizäit sinn ech zu Béiwen bei de Pompjeeën aktiv, a maache gäre Sport wei zum Beispill Lafen, Fussball oder Crossfit.
Mir leit besonnesch d'Zukunft vun eise jonke Matbierger sou wei och d'Sécherheet an der Gemeng um Häerz.

*Bonjour, je m'appelle Sam Reding et j'ai 26 ans. J'habite dès 2009 à Boevange-sur-Attert. Depuis 2022 je travaille en tant que pompier professionnel auprès de la ville de Luxembourg. Auparavant j'ai travaillé dans le service médical de l'armée luxembourgeoise. Pendant mon temps libre, je suis membre actif des pompiers à Boevange-sur-Attert ainsi qu'à Redange. En outre j'aime la course à pied, le crossfit et jouer au football.*
*Le futur de nos jeunes habitants ainsi que la sécurité de notre commune me tiennent particulièrement à cœur.*

> Mir leit besonnesch d'Zukunft vun eise jonke Matbierger sou wei och d'Sécherheet an der Gemeng um Häerz

Lëscht
6

Engagéiert Bierger
Helperknapp


Stefanie BLOCK


Nico EICH


Thierry EVERAD


Lara GEORGES


De Beie Josy


Lynn MANGEN


Paul MANGEN


Tun PINTO


Sam REDING


Luc SCHOLTES


Emile SPLICKS

# Vum Bierger, fir de Bierger!

f Engagéiert Bierger Helperknapp    ebhelperknapp